



N° 7204
Entrée le 17.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 17.11.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/11/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sozialversécherung weiderzeleeden.

Am Kader vun der Assurance dépendance gëtt et d'Méiglechkeet vun de sougenannte Prestations en espèces. Dobäi handelt et sech ëm Geld vum Staat fir ee Mënsch, deen sech all Woch ëm eng Persoun këmmert, déi op zousätzlech Hëllef ugewisen ass. Bei de Prestations en espèces ginn et fest Montanten, déi sech no der Zäit riichten, déi dës Aide pro Woch mat der fleeegebedierfteger Persoun verbréngt. De klengste Forfait ass de Forfait 1 vun 12,50 Euro pro Woch, wann d'Aide manner wéi 61 Minutte pro Woch assuréiert. Den héchste Montant ass de Forfait 10 vun 262,50 Euro d'Woch, wann d'Aide 541 Minutten oder méi pro Woch assuréiert. Et ass eis zougedroe ginn, dass Bénéficiairen opgrond vun den aktuelle Präissteigerungen mussen zousätzlech Suen aus eegener Täsch un hir Aiden bezuelen, well dës opgrond vu méi héije Käschten, fir zum Beispill Sprit, méi Sue fir hir Servicer froen, wéi d'Forfaite virgesinn.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi ginn dës Forfaite ausgerechent?
2. Sinn an dës Forfaite och Dépenses, wéi zum Beispill d'Käschte vum Sprit fir den Déplacement, mat agerechent?
3. Wéini sinn dës Forfaite fir d'lescht ugepasst ginn?
4. Sinn dës Forfaite un den Index gebonnen? Wa nee, firwat net?
5. Lëtzebuerg kämpft aktuell mat enger héijer Inflatoun. Wäerten d'Forfaite dowéinst innerhalb vun



www.piraten.lu

den nächsten Méint un dës Präissteigerungen ugepasst ginn?

- Wa jo, wéini?
- Wa nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Deputéierten

